Gamma-Albatrossen

E flotten Dag mat de Gamma-Albatrossen

Den 28.9.2019 hunn sech 18 Gamma-Albatrossen an ronn 10 Begleeder zu Leideleng getraff fir e gemeinsamen Dag mateneen ze verbréngen.

Ee volle Succès, wann ee bedenkt dass et d'Albatrossen vun de Gamma eréischt säit leschtem Joer gëtt.

Moies konnten d'Gamma an Atelieren hir Kachtalenter ënner Beweis stellen. Um Menü stounge Pakalu an Tiramisu. Béides huet de Participante super geschmaach.

Mëttes gouf et dann nach eng Foulardsiwwerreechung mat Verspriechensfeier. D'Freed war immens, wéi se dunn endlech de laang erwaarte Foulard droen duerften. A spéitstens dunn war och kloer: dëst war sécher net déi läscht Aktivitéit vun de Gamma Albatrossen, mee en neien Ufank vu ville weideren. Jiddereen, vum Participant bis zum Begleeder, huet versprach an Zukunft weider mat grousser Freed un de Gamma-Albatrossen Aktivitéiten deelzehuelen.

WANTED : CHEF a BEGLEEDER FIR GAMMA

Fir dass mir bei de Gamma weiderhi flott Aktivitéite maache kënnen, net nëmme bei den Albatrossen, mee ganz besonnesch och bei de Wëllef an Avex, si mir op eng ganz Rei Begleeder a Chef ugewisen.

Falls du Loscht hues bei eis laanscht kucken ze kommen, da mell dech op gamma@albatrossen.lu oder um 691 81 70 27 (Mini, Gruppechef adjoint).

Mir géifen eis freeën!